



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Sam TANSON, Ministerin fir Justiz, an der Madamm Yuriko BACKES, Ministerin fir d'Finzen, op d'parlamentaresch Fro n°7432 vum 2. Januar 2023 vun dem honorablen Deputéierten Här Marc GOERGEN

Äntwert op d'Fro 1 :

Et gëtt keng Statistiken iwwer d'Ventë vu Wunngebaier an Terrainen déi bei den Notairen enregistriert gi sinn.


Äntwert op d'Froën 2 bis 6 :

D'Zuelen vum Enregistrement, deen enntert der Tutelle vun der Finanzministesch steet, weisen, dass 2022 27,77% manner Akten vun Verkeef vun Terrainen enregistriert gi sinn ewéi 2021. Dat selwecht ass wouer fir d'Verkeef vun Wunngebaier, wou 2022 d'Zuel vun den Akten déi enregistriert gi sinn ëm 14% erof gaange ass.

Hei sinn déi detailléiert Statistiken.


Terraine

	2021	2022
Januar	200	180
Februar	248	204
Mäerz	379	320
Abrëll	325	177
Mee	274	192
Juni	354	276
Juli	375	230
August	160	140
September	216	179
Oktober	327	161
November	219	130
Dezember	286	240
Total	3.363	2.429



Wunngebaier

	2021	2022
Januar	594	543
Februar	556	576
Mäerz	775	699
Abrëll	671	578
Mee	655	622
Juni	809	636
Juli	847	708
August	436	415
September	673	626
Oktober	580	516
November	582	472
Dezember	794	459
Total	7.972	6.850



Source: Enregistrement



D'Statistiken zu den Immobiliëkreditter an den Zënssätz sinn op dem Site vun der Zentralbank ze fannen. Esou fënnt een am Tableau 11.09 *Crédits immobiliers consentis par les établissements de crédit pour des immeubles situés au Luxembourg* (https://www.bcl.lu/fr/statistiques/series_statistiques_luxembourg/11_etablissements_credit/11_09_Tableau.xls) d'Zuel vun den Immobiliëkreditter vun den Banken pro Trimester verginn goufen. Fir 2015 waren et insgesamt 21.160, 2016 21.947, 2017 20.637, 2018 24.668, 2019 26.359, 2020 25.598, 2021 insgesamt 22.259, an fir déi dräi éischten Trimester vun 2022 13.584 Prêten.

Wat d'Duerchschnëttsdauer ugeet fënnt een am Tableau 11.07 *Crédits octroyés par les établissements de crédit aux ménages et ISBLM de la zone euro - par types et durées initiales* (https://www.bcl.lu/fr/statistiques/series_statistiques_luxembourg/11_etablissements_credit/11_07_Tableau.xlsx) d'Gesamtvolumen vun Immobiliëkreditter an Milliounen Euro pro Dauer, déi bis Enn Dezember 2022 aktiv waren :

< 1 an	552
> 1an et <= 2 ans	639
> 2 ans et <= 5 ans	504
> 5 ans	
> 5 ans et <= 10 ans	2 592
> 10 ans et <= 15 ans	3 815
> 15 ans et <= 20 ans	5 600
> 20 ans et <= 25 ans	8 335
> 25 ans et <= 30 ans	14 365
> 30 ans et <= 35 ans	4 457
> 35 ans et <= 40 ans	755
> 40 ans	44

D'Zentralbank, déi hir Daten no den Virgaben vun der Europäescher Zentralbank erhieft, féiert keng Statistiken zu den Immobiliëkreditter opgeschlëselt no fixem oder variablen Zënssaz. Am Tableau 03.01 *Taux d'intérêt appliqués par les banques luxembourgeoises aux dépôts et crédits en euros des résidents de la zone euro* ginn gëtt den Taux (https://www.bcl.lu/fr/statistiques/series_statistiques_luxembourg/03_marche_capitaux_interets/03_01_Tableau.xlsx) fënnt een awer den Duerchschnittstaux deen sech op d'Immobiliëkreditter an hir Dauer applizéieren.

Lëtzebuerg, den 7 Februar 2023.

D' Justizministesch
(s.) Sam Tanson